INSTITUT DE FORMATION
DE L'ÉDUCATION NATIONALE

*IFEN inspire* Podcast

# S3 EP 05: dräi Froen un... (LU)

eduPôle – Walferdange
Route de Diekirch
L-7220 Walferdange
**www.ifen.lu**

Oli Frisch:

*Wisou ass den Dobaussenunterrécht aus Siicht vun der Direktioun, mam Bléck op d'Entwécklung vun de Kanner, sou wichteg?*

Joa Baum:

Also dobausse Schoulhalen ass fir eis als Direktioun net einfach eng flott Aktivitéit, mee plutôt eng wäertvoll Léierform. D'Kanner léieren am beschten wann se aktiv sinn, sech beweegen a mat alle Sënner erliewe kënnen. Dobäi ginn verschidde Beräicher am Gehir gläichzäiteg aktivéiert, wat zu engem méi nohaltege Léieren féiert. Gläichzäiteg fërdert dobausse Schoulhalen Motorik, Gesondheet, Konzentratioun, déi sozial Kompetenzen, d'Kreativitéit, awer och d'Problemléisung. Si hëlleft also de Kanner eng Bezéiung zu hirer Ëmwelt an zur Natur opzebauen a soumat och zur nohalteger Entwécklung.

Oli Frisch:

*Wéi eng strukturell Viraussetzunge sinn zu Lëtzebuerg ginn, dass Schoul dobausse méiglech ass – a wat feelt nach?*

Joa Baum:

Zu Lëtzebuerg hu mer schonn eng ganz Rei vu gudde Virbedingungen. De Plan d'études léisst de Schoulen ganz vill Plaz fir fuerschend a kompetenzorientéiert ze léieren. An hei kann een drun erënneren dass d'Schoulgesetz vun 2009 de legale Kader geschaf huet fir de kompetenzorientéierten Unterrécht. Besonnesch d'Wëssenschaftsorientéierung an d'Bildung fir nohalteg Entwécklung passen einfach exzellent zu dobausse Schoulhalen. Donieft kënnen d'Schoulen am Kader vun hirer Schoulentwécklung, dem Plan de développement scolaire, eege Schwéierpunkter setzen. An eiser Regioun bidde mir dofir zousätzlech geziilt Fortbildungen un, déi sech direkt un de Besoine vun de Schoulen orientéieren. Et gëtt natierlech nach Entwécklungspotenzial, besonnesch an der Grondausbildung vun den Enseignanten ass dobausse Schoulhalen nach net systematesch verankert. Vill Léierpersonal kommen réischt iwwert d'Fortbildung domat a Kontakt.

Oli Frisch:

*Wou gesitt Dir dat gréisste Mëssverständnis ronderëm d'Konzept Schoul dobaussen? A wat äntwert Dir skepteschen Elteren, Kolleegen a Kolleeginnen?*

Joa Baum:

Dat gréisste Mëssverständnis ass datt dobausse Schoulhalen heinsdo als eng Zort Fräizäitaktivitéit ugesi gëtt an een domat am Programm a Verzuch kéim. Dat ass awer net sou. Et ass e geplangten a strukturéierten Unterrécht mat kloren Léierziler. Dat gëtt och am geplangten neie Plan d'études duerch Transversalitéit ënnerstrach. D'Kanner léieren et villäicht manner, mee dacks méi nohalteg, well si d'Saache selwer erliewen an entdecke dierfen. Elteren, Schoulcommitéen wéi och Kolleeginnen a Kolleegen, géif ech einfach soen: dobausse Schoulhalen ersetzt net de Klassesall, mee erweidert en. An dacks fänkt alles mat klenge Schrëtt un. Dobausse Schoulhalen ass keng Moudeerscheinung. Si ass eng wëssenschaftlech fundéiert Ergänzung vum Unterrécht, déi de Besoine vun de Kanner am 21. Joerhonnert am meeschten entsprécht.